



An de Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Och hei 60 Participatiounen um Vote. Datselwecht Resultat: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 6741 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Diane Adehm), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Serge Wilmes), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Cécile Hemmen), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Claudia Dall'Agnol), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Marc Angel), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An och hei d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Merci.

De Projet 6742, dat ass den Accord mat Georgien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6742 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An dat ass och elo geschitt.

An datselwecht Resultat: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 6742 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Marc Angel), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Merci.

Da komme mer zum Projet 6743, den Accord mat Mazedonien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6743 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Jo, hei hu mer 57, also 59 Participatiounen: 57-mol Jo an 2-mol Neen. Domadder ass och dee Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6743 est adopté par 58 voix contre 2 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Franz Fayot), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An da komme mer zum leschte Projet. Dat ass de 6744, den Accord mat Serbien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6744 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. An d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Voilà, an do hu mer dann erëm 60 Participatiounen an 58-mol Jo, 2-mol Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Serge Wilmes), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Félix Eischen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Franz Fayot), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Marc Angel), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

D'Dispens vum zweete Vote?


(Assentiment)

Och hei. Also d'Dispens vum zweete Vote fir déi fënnef Projeten ass ginn. Ech soen lech Merci.

Kommt gutt heem! A muer Rendez-vous um zwou Auer.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 18.29 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 6760 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

- Rapport de la Commission juridique: M. Guy Arendt
- Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen
- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 6446 - Proposition de loi modifiant l'article 6 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

- Rapport de la Commission juridique: Mme Viviane Loschetter
- Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Viviane Loschetter, M. Alex Bodry, M. Guy

Arendt, M. Roy Reding, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. Débat de consultation sur la prostitution au Luxembourg

- Exposé: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances
- Débat: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Taina Bofferding, Mme Josée Lorsché (M. Fernand Kartheiser intervient), M. Fernand Kartheiser, Mme Lydie Polfer, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany, Mme Nancy Arendt, M. Franz Fayot

5. Dépôt d'une proposition de loi par M. Franz Fayot

- M. Franz Fayot

6. Débat de consultation sur la prostitution au Luxembourg (suite)

- Prises de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydia Mutsch et M. Félix Braz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung hei mat op.

Déi traditionell Fro: Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

► M. Félix Braz, Ministre de la Justice.- Neen, Här President.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. Da gi mer direkt zum uerdentlechen Ordre du jour iwwer a mir fänke mat eisem éischte Projet un. Dat ass de Projet de loi 6760 iwwert d'Attachés de justice. An Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ass. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den hono-rabelen Här Guy Arendt.

(Interruption et hilarité)

2. 6760 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

Rapport de la Commission juridique

► M. Guy Arendt (DP), rapporteur.- Här President, léif Kolleginnen a Kolleeen, de Projet de loi 6760 ass dëst Joer de 6. Januar vum Justizminister an der Chamber déposéiert ginn; an dat war keen Dag ze fréi. Et geet an deem Projet drëms, de Rekrutement vun den Attachés de justice ze reforméieren, andeems dat modifizéiert Gesetz vum 7. Juni 2012 emgéännert soll ginn.

Eis Justiz huet e Problem mam Fonctionnement, an doriwwer sinn all d'Akteure sech eens. Ech schwätzen awer net vun engem Problem an Sënn, datt eis Justiz keng gutt Aarbecht géif maachen, well et ass genau de Géigendeel de Fall. Neen, ech schwätze vun engem Nowuessproblem. Lëtzebuerg huet akut Schwierigkeeten, genuch Attachés de justice ze rekrutéieren a genuch Magistraten ze forméieren. Déi lescht dräi Joer waren ëmmer manner Kandidaturen zréckbehalde ginn, wéi fréi Plazen eigentlech do woren. Dat muss eis ze bedenke ginn, besonnesch well dee Phenomeen an Zukunft net wäert besser ginn.



Loost mech dës Ausso kuerz mat e puer Chifferen ënnemolen. De Moment zielt d'Magistratur just néng Attachéen. Dat sinn der genau esou vill, wéi et de Moment onbesate Plaze gëtt. Am Ganze goufe säit dem Gesetz vun 2012 net méi wéi 20 Attachéë rekrutéiert. Am selwechten Zäitraum allerdéngs hunn awer 25 Persounen d'Magistratur verlooss. Dovunner sinn der zum Beispill véierzéng an d'Pensioun gaangen, néng hunn eng aner Plaz fonnt an een ass leider verstuerwen.

Addéiert een elo nach déi 20 Magistraten, déi aktuell am Pensiounsalter sinn an all Moment goe kéinten, wann een déi derbäizelt an et zitt ee mat a Betruecht, datt all Moment Congés parentaux, Congés de maternité, Demandes de mi-temps a Berufswissel kënnen ugefrot ginn, mierkt een, wéi akut de Problem sech fir d'Zukunft stellt.

Derbäi kënnt dann och nach, datt mir et net nëmmen net fäerdegbréngen, genuch ze rekrutéieren, fir déi momentan gebraucht Plazen ze besetzen, mä nach méi an d'Labrante wäerte geroden, wann an Zukunft proportional nach méi Leit gebraucht ginn, fir de System uerdentlech um Lafen ze halen. An et ass méi wéi wahrscheinlech, datt d'Magistratur massiv mat Personal muss opgestockt ginn, fir hiren zukünftigen Aufgabe kënne gerecht ze ginn.

Ech erënneren an deem Kontext virun allem un d'Schafung vun enger oder méi zousätzleche Chamberen, Juges de l'application des peines, Juges aux affaires matrimoniales (veuillez lire: Juges aux affaires familiales) an un déi steigend Importenz um Niveau vum Contentieux an der Assurance sociale.

Wat sinn dann elo d'Grënn fir dës Rekrutementsproblemer? Fir d'Éischt muss ee soen, datt allgemeng einfach net genuch Juriste mat Lëtzebuerger Nationalitéit d'Cours complémentaires en droit luxembourgeois suivéiere bezéiungsweis packen. 2014 hu vun 99 Kandidate just 53 Persounen den Exame gepackt, an dovun hunn der weínege déi Lëtzebuerger Nationalitéit. Déi Lëtzebuerger Juristen, déi fir d'Magistratur géeegeent wieren, ginn da ganz oft vu méi attraktive Salairen a verschiddenen Étuden ugezunn, bezéiungsweis vun der Magistratur ewechgezunn.

Derbäi kënnt och nach, datt e Kandidat fir den Examen d'entrée en magistrature schonn den Examen de fin de stage judiciaire gepackt muss hunn. Vu datt déi Examen am Ofstand vu manner wéi engem Mount stattfannen, kann ee scho bal novollzéien, datt deen een oder deen anere sech dee Stress net wëllt undoen. De Problem ass also manifest an et gi Léisunge gebraucht. Dréngend Léisunge gebraucht!

Dëse Projet de loi proposéiert direkt e puer Léisungen, op déi ech kuerz wëll agoen. Ech wëll do och direkt de Membere vun der Commission de recrutement et de la formation des attachés de justice Merci soe fir hir Recommandatiounen, déi si am Kader vun dësem Projet de loi gemaach hunn.

Als Alleréisch muss een net den Examen de fin de stage judiciaire gepackt hunn, fir den Examen d'entrée en magistrature kënnen ze schreiwen. Et muss een awer während op d'mannst engem Joer d'Coursé vum Stage judiciaire oder vum Stage notarial suivéiert hunn. Hei wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt „avoir accompli“, wéi et am Projet steet, am Sënn vun „avoir suivi“ interpretéiert soll ginn an net vun „avoir réussi“.

Eng zweet wichteg Ännerung ass d'Kreatioun vun enger zweeter Entréesméglechkeet an d'Magistratur, déi nëmmen dann opgemaach soll ginn, wann iwwert dee klassische Wee net genuch Kandidate fonnt ginn. Esou sollen Affekoten, déi op d'mannst säit fënnf Joer praktizéiert hunn, d'Méglechkeet hunn, iwwert d'Areche vun engem Dossier an d'Magistratur eranzekommen.

Et ginn och Moosname getraff, fir en Attaché de justice schonn a senger Formatioun am Stage méi fréi mat der Aarbecht vum Magistrat a Béréierung ze bréngen. Dofir soll de Stage just nach zwielfe amplat vun uechtzéng Méint daueren. Ausserdeem soll ee schonn ab véier amplat vu sechs Méint eng Delegatioun kënne kréien, fir e verhënnerte Magistrat ze ersetzen.

Mam Gesetz vum 7. Juni 2012 hu mer séchergestallt, datt eis Magistrate gutt forméiert ginn. Mat dësem Projet de loi stelle mer sécher, datt mer och weiderhi genuch gutt forméiert Magistrate wäerte behalen. Et héiert een haut scho vill berechtigt Kloen iwwer eng gewësse Lenteur vun der Justiz. De Respekt vum Principe du délai raisonnable du procès soll dofir mat dësem Projet de loi och an Zukunft garantéiert ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech op de schréftleche Rapport a bréngen den Accord vun der DP zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Vlächcht just eng Fro, wann Der erlaabt: Gëtt et och e Lëtzebuerger Term fir den Attaché de justice?

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Okay, da loosse mer dat.

(Interruption et brouhaha)

Justizattaché. Jo, dat ass bal datselwecht. Voilà, an dofir hutt Der lech direkt och empfuehlen, fir d'Wuert ze kréien, Här Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här Président. Ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht. Ech mengen, als fréiere Bâtonnier hätt kee besser d'Problemstellung vun dësem Gesetzesprojet kënnen duerleeën.

Mir hunn effektiv am Joer 2012, also viru knapps dräi Joer, d'Atellungsprozedur vun der Riichter grondleeënd verännert, andeems een, fir Riichter ze ginn, fir d'Éischt emol huet misse säin Avouésexame mat Succès gepackt hunn. Dann huet ee sech misse zousätzlech engem Examen-concours stellen, fir iwwerhaapt Justizattaché, wann dat d'Lëtzebuergeresch Wuert ass, ze ginn. An dréttens huet een dann nach misse e Stage maache vun uechtzéng Méint, dee gegebenenfalls op zwielfe Méint kann erfroge ginn. An da konnt een eréischt effektiv Fonctiounen als definitiv nominéierte Magistrat iwwerhuelen.

D'Zilsetzung vun deem Gesetz, mengen ech, dat war déi richteg. Éischters war et eng objektiv Rekrutierungsprozedur. Zweetens hunn déi Riichter eng gutt Formatioun. An dréttens muss ech och soen, dass aus deem Grond net manner wéi 59 Deputéierter virun dräi Joer deemools dëse Gesetzesprojet gestëmmt hunn.

De Rapporteur huet virdru mat Recht drop opmierksam gemaach, dass mer eigentlech an enger Noutsituatioun sinn, dass mer net genuch Riichter hunn. An dat bei engem Astellungsgehalt vun engem Riichter, dat awer genau an deemselwechte Mooss läit wéi dat vun anere Leit, déi beim Stat an der Carrière supérieure rekrutéiert ginn, vu ronn 7.500 Euro. Mä dat Gehalt ass eigentlech net a Verglach ze setze mat deene Rémunératiounen, déi vu groussen Étudé bezuelt ginn.

En zweete Punkt ass deen, dass mer net genuch Lëtzebuerger Juristen hunn, déi dee Wee vun den Avouésexame mat Succès bestinn. An dréttens muss een awer och soen, dass mer vill méi Affären op de Gerichter hunn, an Affäre vun enger vill méi grousser Komplexitéit, net zulescht bedéngt duerch déi ëmmer nei Gesetzer, déi mer och an der Chamber stëmmen.

An de Bierger sengersäits, dee verlaangt mat Recht eng effikass Justiz: Éischters, dass et Uerteiler ginn, déi och fir den Normalstierflechen novollzéibar sinn, déi „juste“ sinn, a virun allem, dass se net nëmmen am Strofberäich, mä och am Zivillberäich an engem rasonablen Délai iwwert d'Bühn ginn. Well en ziville Prozess, dee kann och bei deem eenzelne Bierger eng ganz Rei vun Nerve kaschten a Frust opbréngen. A wann esou en Zivillprozess sech iwwer Joren histreckt, da belascht dat natierlech dee betraffene Bierger émsou méi.

Och wann dëst Gesetz vlächcht, an ech wëll dat net pejorativ soen, mä e gewësse Réckschrëtt ass par rapport zu der Zilsetzung vum Gesetz vun 2012, wäert d'CSV dësem Gesetzesprojet awer zoustëmmen, well mer eis ganz einfach an enger Noutsituatioun befannen.

Mir soen och ganz kloer Jo zu där gréisserer Neierung, déi mer an dësem Gesetzesprojet hunn, nämlech dem Rekrutement iwwert déi sougenannten „voie de recrutement latérale“. Dat heescht, dass och en Affekot, deen, dat muss ee soen, säin Avouésexame gepackt huet an dann nach fënnf Joer als Affekot praktizéiert huet, kann op Base vun engem Dossier an d'Magistratur antrieden.

Mir begrëissen dat ausdrécklech. Firwat? Mä well e Riichter sécherlech muss d'Recht applizéieren, mä e Riichter, dee muss och op eng Erfahrung kënnen zréckgräifen. An e Riichter muss virun allem niewent sengem Fachwëssen, der Erfahrung, de gesonde Mënscheverstand hunn, well am Endeffekt, och wann e mat juristesche Situatiounen befaasst ass, riicht en awer iwwer Leit.

Deen eenzege Bémol, deen een dobäi ka fannen, dat ass deen, dass en Affekot, dee mengewege 15, 20 Joer geschafft huet, deen a senger Liewensplanung vlächcht e bësse méi am Volume vun der Aarbecht, ouni dat och pejorativ wëllen ze soen, zréckstellt an an d'Magistratur geet, dass deen eigentlech hanner allegueren deenen aklasséiert ass, déi direkt no dem Joer Stage iwwert den Examen-concours rekrutéiert ginn. Am Rang steet deen nun eemol hannert deene Leit.

Da muss ee soen, dass dat Gesetz hei awer vlächcht eng Nobesserung ass, mä nach nëmmen eng Dréps op de waarme Steen. Firwat? Mä well mer bei deene ronn 230 bis 240 Riichter der hunn - zéng Prozent -, déi de Moment kéinte vun engem Dag op deen aneren an d'Pensioun goen. E Riichter, dee ka mat 60 Joer a Pensioun goen. E muss net, wéi déi aner Statsbeamten, mat 65 goen. E ka bis 68 goen. An do wäerte sech onweigerlech, mengen ech, awer nach opgrond vun dësem Gesetz trotzdeem Defiziter an der Rekrutierung weisen.

Duerfir si mir als CSV - an ech schlëssen domadder, Här President - net dergéint, dass een driwwer nodenkt nämlech, fir Riichter, déi an der Pensioun sinn, also 68 Joer erreecht hunn, fir déi eventuell, wa se dat da wëllen, aus der Pensioun kënnen zréckzeruffen, fir dass déi déi eng oder aner Riichterplaz iwwerhuelen, sief dat als Friddensriichter oder an der Magistratur.

Ech kéint mer zum Beispill ganz gutt virstellen, dass en Här Biever, en Här Bour, en Här Gehlen oder d'Madame Bauler, fir eng Madame ze nennen, a fir nëmmen déi ze nennen, dass déi duerchaus mat deem grousser Fachwëssen, där Liewenserfahrung, där Dynamik, déi deene Leit awer zu eegen ass, kéinte Funktiounen als Friddensriichter, temporär, iwwert de Wee vun enger Delegatioun iwwerhuelen. An ech kéint mer och virstellen, dass deen een oder anere Bierger et vlächcht emol guer net eng Onéier géif fannen, wann e vun engem vun deenen Hären oder där Madame géif säi Führerschäin entzu kréien. Well mat deem Gesetz, wat mer gëschter gestëmmt hunn, do kéint awer vlächcht méi eng Avalanche vu Retraits vu Permis de conduire op eis duerkommen.

Ech wëll och soen, deen een oder deen anere mag dat vlächcht mat Humor ophuolen, mä de Conseil d'État, deen hat an de 70er Joren, wéi déi grouss Reform iwwert d'Organisation judiciaire komm ass, eng ähnlech Proposition gemaach. Nämlech déi: Sengerzäit waren et net direkt fënnf Conseillers à la Cour de cassation, déi definitiv genannt waren, mä mir haten zwee Conseillers adjoints à la Cour de cassation. An de Conseil d'État, deen huet am Virfeld vun der Reform vun 1980 proposéiert gehat, dass ee fir déi Conseillers adjoints do kéint op erfuerer Riichter zréckgräifen, déi schonn an der Pensioun waren an domat och, ech soen, d'Avancementsméglechkeeten an der Magistratur net blockéiert hunn, dass een déi kéint temporär fir déi Funktioun rekrutéieren.

Dat gesot a mat deem Vorschlag, Här Justizminister, Dir Dammien an Dir Hären, Här President, géif ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ginn. An ech soen lech och Merci, Här President, dass Der mech eng Minutt méi laang schwätze gelooss hutt. Ech huelen dat bei deem nächste Projet de loi eran.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et ware souguer eng Minutt 40.

(Hilarité)

Voilà. Merci. An domat huet de Franz Fayot d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här Président. Ech géif dem Rapporteur Guy Arendt gäre Merci soe fir säi ganz gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech kommen net erof op d'Riednerpult, ech maache just gäre a puer Remarquen hei vu menger Plaz aus.

Ech mengen, eng Remarque, déi een awer vlächcht ka maachen, dat ass, an doriwwer hu mer och geschwat an der Commission juridique, dass eng Aart a Weis, fir d'Konkurrenz vum Privatsektor beim Rekrutement vu Lëtzebuerger Juriste vlächcht e bësse manner grouss ze maachen, oder vlächcht, fir déi Pressioun ze reduzéieren, zum Deel op d'mannst, kéint doranner bestoen, wann een deene groussen Étuden, déi jo och am Exposé des motifs mentionnéiert ginn, et géif e bësse méi einfach maachen, fir och auslännesch Juristen als Affekoten hei zu Lëtzebuerg ze rekrutéieren. Dat heescht, fir se ze encouragéieren, d'Cours-complémentaires ze maachen a sech dann och hei op de Barreau anzuschreiwen. An dat ass haaptsächlech de Fall fir frankofon an och engleschsproocheg Juristen.

Dëst erfuerdert an éischter Linn en Émdenke beim Barreau. Et ass esou, an d'Confrères hei an der Chamber wëssen dat och, dass fir de Moment déi Sproochentester, déi et gëtt, extrem schwéier sinn. Dat heescht, mir hu Situatiounen, munch Situatiounen, wou Leit hir Cours-complémentaire packen, Fransousen haaptsächlech, déi och schonn an Étuden engagéiert sinn, an déi dann hire Sproochentest net packen, de Lëtzebuergeresch an den däitsche Sproochentest.

Ech hunn dat och schonn ëmmer kritiséiert, wéi ech am Conseil de l'Ordre war. An dat ass effektiv eng Positioun vum Barreau. Ech weess,

dass Dir, Här Minister, do net direkt derfir kënnt, mä ech mengen, et kéint een do wierklech och den Étuden hëllefen an och d'Konkurrenz par rapport, fir Lëtzebuerger Juristen ze rekrutéieren, méi kleng maachen, wann een dat géif oplackeren.

Ech mengen, déi Sproochentester, déi sinn e bësse retrograd. Déi sinn e vill schwéier. Déi si quasi onméglech ze réusséieren fir Frankofonen. Ech mengen, dat ass den Niveau B1, deen do erfuerdert ass, wat extrem, extrem héich ass, an dat ass och extrem frustrant fir déi Leit, déi an deene Situatiounen sinn.

Dat heescht, dat féiert haut och schonn zu deem komesche Resultat, dass munch Étuden auslännesch Affekote rekrutéieren a se net méi encouragéieren, d'Cours-complémentaires, ze maachen, mä fir sech direkt an hirem État d'origine op de Barreau anzuschreiwen an dann hei op d'Lëscht 4 ze kommen, amplat d'Leit ze encouragéieren, d'Cours-complémentaires ze maachen an eben eng Formatioun ze kréien am Lëtzebuerger Droit. Ech mengen, dat kann net am Sënn sinn och vun enger gudder Qualitéit vun Affekoten, déi eng Sachkenntnis hunn am Lëtzebuerger Droit.

Ech géif dann awer och gäre vlächcht nach eppes soen zu der awer e bësse esäitéger Duerstellung vun der Attraktivitéit vum Privatsektor par rapport zum Richterberuff. Ech mengen, mat dësem Gesetz gëtt de Richterberuff wahrscheinlech nach e bësse méi attraktiv fir Lëtzebuerger Juristen. E mécht aner Entréeën an d'Carrière op, fir Leit, déi Affekot waren an déi eben effektiv keng Loscht hunn, dee Concours vun der Magistratur ze maachen. An ech mengen, et mécht et dann och fir d'Lëtzebuerger Étuden an och déi auslännesch Étuden, déi zu Lëtzebuerg sinn, nach e bësse méi schwéier, gutt Lëtzebuerger Juristen ze rekrutéieren an och ze fidéliséieren.

Ech mengen, bon, de Gilles Roth huet de Saltaire genannt, deen een als Magistrat oder als Attaché de justice verdéngt. Ech muss soen, deen ass ganz concurrentiel par rapport zu deem, wat ee verdéngt an enger grousser Étude. Et muss een natierlech och gesinn, dass een an der Magistratur aner Attraiten huet: bon, d'Vakanzen, eng Sécurité de l'emploi. Soudass, an ech weess dat, well ech laang an enger grousser Étude geschafft hunn, et vill Lëtzebuerger Juriste sinn, déi dee Schrëtt maachen, fir an eng Magistratur ze goen, well se effektiv par choix de vie oder par intérêt dat maachen.

Ech mengen, dat war bis elo schonn eng attraktiv Optioun an dat gëtt elo nach eng Kéier e bësse méi attraktiv. Mat deem Resultat, dass mer, bon, noutgedrongen, mengen ech, ëmmer méi Juristen an d'Lëtzebuerger Magistratur kréien an ëmmer manner an d'Étuden. Ech mengen, och dat soll een hei wëssen.

Natierlech si mer als LSAP fir dëse Projet. Mir ënnerstëtzen dee Projet a mir wäerten deen och matstëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. Ech géif hien awer d'nächst Kéier invitéieren, wann et e bësse méi laang gëtt, op d'Riednerpult ze kommen, aus reng technesch Iwwerleungen, well ee vum Riednerpult besser versteet, besonnesch bei deenen, déi eng gewëssen Taille hunn.

Merci villmools.

(Hilarité)

► **Une voix.**- Bei lech kënnt dat net vir.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, mir kënnt dat net vir. Voilà, Merci villmools. An d'Wuert huet elo direkt d'Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wäert mech wierklech kuerzfaassen. Ech wëll just zwou Saache soen. Dat Eent ass: Merci un de Rapporteur Guy Arendt fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

An dat Zweet ass, datt mir ons als Gréng awer erwaarden, datt dëse Projet de loi, esou wéi en elo hei presentéiert ginn ass, et awer wäert der Magistratur, der Justice erlaben, fir deem Problem vum Mangel u Leit entgéintzewirken. Soudatt mir mengen, datt do sécherlech net alles wäert sech séier léisen, mä datt duerch déi zousätzlech Méiglechkeeten, déi gi sinn, dach awer eng Verbesserung vun der Situatioun wäert stattfannen.

Merci.



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madame Loschetter. Dann huet d'Wuert... Ech hat hei den Här Reding stoen. Hien ass net do. Da géift Dir eppes dozou soen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech wollt am Numm vun eisem Grupp och dem Rapporteur Merci soen an d'Zoustëmmung vun eiser Säit bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Soss keng weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Dann huet den Här Justizminister, de Félix Braz, d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Ech wëll wierklech e ganz grouss Merci un déi zoustänneg Chamberskommissioun riichten, awer och de Statsrot net vergiessen, déi et alle béid méiglech gemaach hunn, dass mer dee Projet haut scho kënnen zum Vote bréngen. Deen ass jo uganks Januar déposéiert ginn. An et ass wierklech eng grouss Urgence, dëse Projet ze stëmmen, well Dir wësst, mir sinn elo an där Zäit vum Joer, wou d'Rekrutementer kënnen ufänken. An et wier natierlech gutt, wa mer dat kéinte maachen ënnert deenen neie Regeln, déi mer haut de Mëtteg hei festleeën.

E grouss Merci och un de Guy Arendt, deen a sengem schréfftlechen an och a sengem mëndleche Rapport nu wierklech alles gesot huet. Ech hu knapps zwou Zuele méi, déi ech kéint lassginn, wéi déi, déi den Här Arendt scho genannt huet. Also dat war ganz komplett. Merci dofir!

Eng drëtt Remarque, déi ech wëllt maachen, ass déi, dass mer knapps dräi Joer nom Attachésgesetz et elo scho reforméieren, mä dat heescht op keng Aart a Weis, dass d'Gesetz vun 2012 net gutt wier. D'Gesetz vun 2012 huet eng Rei méi grouss, méi déif gräifend Reformen och gemaach. An ech mengen, dass déi sech eigentlech alleguerne bewährt hunn. Et ass näischt an deem Gesetz, wat net gutt wier.

Et geet awer net duer, well mer e Problem feststellen, an dat ass einfach dee vun der mangelnder Zuel vun Attachéen, déi schlussendlech kënnen zréckbehale ginn. An dorobber muss mer reagéieren. Mä d'Basis, dat ass d'Gesetz vun 2012, an déi Basis, déi steet, mengen ech, och nach ëmmer gutt.

De Guy Arendt huet eng Rei Zuele genannt. Et sinn zënter dem Attachésgesetz vun 2012 nëmmen 20 Attachéë rekrutéiert ginn. Mir haten am Joer 2013 sechs Vacances de poste, nëmme véier konnte beluecht ginn. Am Joer 2014 waren aacht Plazen ausgeschriwwen, dovun konnten der nëmme fënnf besat ginn. Et ass also och nach e relativ héije Pourcentage vu Plazen, dee fräi bleift. A mir wäerten an deenen nächste Joren... Mir hate schonn an deene leschten dräi Joer 25 Départe, déi meescht dovun an d'Pensioun, awer och aus anere Grënn.

Mir hunn och, wa mer d'Lëscht kucken, eng héich Unzuel vu Leit, déi an den nächste Joren och kéinten an d'Pensioun goen. A wann déi dat alleguerne géifen an engem kuerzen Délai maachen, méi oder manner plëtzelech, dann hätte mer e massive Problem dee Moment an der Magistratur. An ech kann deene Leit wierklech nëmmen eng gutt Gesondheet wënschen am Intérêt vun eiser Justiz an deenen nächste Méint, well soss géif et wierklech ganz komplizéiert ginn.

D'Erklärunge si schonn zum Deel genannt ginn. Et gëtt e Mangel u Lëtzeburger Juristen, déi an den öffentliche Secteur wëlle schaffen. Net well déi Plazen net attraktiv wieren, déi si finanziell sécher net onattraktiv. Et ass eng ganz interessant Aarbecht, an der Magistratur ze schaffen. Also dorunner läit et eigentlech net. Mä et schéngt, wéi wann de Privatsektor nach méi attraktiv wier.

Dobäi hu mer genuch Lëtzeburger, déi de CCDL packen. Ech hunn nach gëschter Zertifikaten iwwerreicht. Mä déi Coursé si ganz exigent. Do hunn 270 Leit sech ageschriwwen au départ. Dovunner sinn der schonn nëmmen 200 ugetruede fir den Examen. A vun deenen 200 hunn der 58 et gepackt gëschter am éischten Ulaaf. Do kommen der nach no iwwert d'Noexamen. Mä 58 vun initialement 270, dat si ronn 20% nëmmen, hunn dat gepackt. Do sinn eppes méi wéi d'Halschent awer och Lëtzeburgerger derbäi. Also eppes iwwer 30 si Lëtzeburgerger. Dat ass also schonn eng Zuel, déi net geréng ass. Mä mir kréien et nawell net hin, déi an d'Carrière vun der Magistratur eriwuerzekeréien.

Mat dësem Projet hoffen ech, dass mer dat kënne fäerdegbréngen. Mir hoffen, dass dat ka goen iwwert deen normale Wee, deen éischte Wee. Mä wann net, hu mer eis en zweete Wee

ginn. An ech denken, dass déi Affekoten, déi mer iwwert den zweete Wee kéinte rekrutéieren, dass dat eng ganz wäertvoll Verstärkung och wier. Déi Leit hunn eng zolidd Erfahrung. Ech deelen do dat, wat de Franz Fayot gesot huet, soudass ech mengen, dass deen zweete Wee kee méi e schlechte Wee ass, mä et ass e Wee, dee sech un aner Leit riicht, un aner Experienze, un en anere Profil. A mir kënnen am Fong béid Rekrutementsweeër ganz gutt gebrauchen. Ech hu kee Bauchwéi dobäi, wa mer se net iwwert den éischte Wee all kréien, da mat deem zweete Wee - entre guillemets - „mussen ze liewen“. Do ass d'Qualitéit net manner. Sécher net! Do brauche mer also, mengen ech, keng Regreten ze hunn.

Ech wëll just och nach eng Kéier kuerz dem Här Roth äntwerten, mat sengem Virschlag, deen e formuléiert huet, déi Iddi, déi scho méi wéi eng Kéier diskutéiert ginn ass, dass een och vläicht op déi pensionéiert Magistrate kéint punktuell zréckgräifen. Dat ass eng Iddi, där ech mech absolutt net wëllt verschléissen. Ech fannen och, dass et schued ass - Dir hutt eenzel Nimm genannt, ech wëll se dofir net widderhuelen -, wann déi Leit mat hirem ganze Wëssen, mat hirer ganzer Erfahrung, mat hirer ganzer Kompetenz vun haut op muer net méi do sinn. Dat bedauert ee bei deene Leit - Dir hutt se genannt -, eenzel, all Kéiers! A wann een dat kéint maachen, ass dat sécher eng Pist, déi mer sollte probéieren ze verdéiwen.

Nawell, Här Roth, wa mer dat hätten, dann hätte mer nach ëmmer keng definitiv Léisung, wou mer géife soen: Elo hu mer et wierklech fäerdegbruecht. Et wier jo awer besser, mir missten net op eng Rei vun dëse Pisten zréckgräifen, well mer genuch jonk Lëtzeburger Juristen hätten, déi d'Konditiounen erfëllen, déi géifen nokommen. Mä et ass eng Pist weider, déi eis hëlleft, dat ze iwwerbrécken, wat mer müssen iwwerbrécken.

Mä ech mengen, wann dëse Projet gestëmmt ass, sinn ech eigentlech optimistes fir déi nächst Rekrutement. Et ass am Intérêt vun der Justiz, an dat heescht am Intérêt vun all de Leit, déi op d'Gerichter mussen kommen. Eng séier Justiz ass am Intérêt vun de Leit als Alleréisch. Dorunner muss mer schaffen. D'Zuel vu Magistraten, déi zur Verfügung stinn, ass dobäi eng wesentlech Donnée. Ech hoffen, dass mer se all zesummen heimadder kënne verbesseren.

An dofir nach eng Kéier Merci, dass dat esou séier méiglech war!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Justizminister. Mir géifen dann zu der Ofstëmmung iwwert de Projet 6760 kënnen iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6760 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Mir hu 57 Participatiounen un der Ofstëmmung, dobäi 57 Jo-Stëmmen. De Projet ass also unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6760 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An déi traditionell Fro: Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass d'Proposition de loi 6446 iwwert

d'Organisatioun vun der Justiz. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Viviane Loschetter.

3. 6446 - Proposition de loi modifiant l'article 6 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv de 7. Juni 2012 ass dee Projet de loi 6304B iwwert d'Attachés de justice gestëmmt ginn. An obwuel de Justizminister de Moie gesot huet, et wär eigentlech näischt schlecht un deem Projet de loi, e misst punktuell adaptéiert ginn, wat mer just virdrun zu Recht och gemaach hunn, gouf et awer den 21. Juni 2012 en Deputéierten, de Félix Braz, dee gemengt huet, et wär awer ee kleng Pas-sus an deem Projet de loi iwwert d'Attachés de justice, deen net ganz kongruent wär, an deen dofir och deen Dag eng Proposition de loi déposéiert huet.

Déi ass recevabel deklaréiert ginn de 26. Juni 2012. An de Statsrot huet elo viru Kuerzem, den 10. März 2015, säin Avis dozou ginn, iwwregens parallel mat deem Gesetz, dat mer elo grad gestëmmt hunn. D'Commission juridique huet mech selwer den 18. März 2015 als Rapportrice genannt an huet mäi Rapport den 22. Abrëll 2015 à l'unanimité ugeholl.

ëm wat geet et an där Proposition de loi? Do geet et ëm een eenzeg Artikel an do geet et prezis ëm d'Konditioun vun der Acceptation, dat heescht vum D'accord-Si fir eben eng Delegation vum engem Richter, fir bei e Friddensgericht eriwuerzegeren.

Elo ass et esou, dass mer an deem Projet de loi, an deem Gesetz vun 2012 wuel drastoen hunn, dass e Juge vun engem Tribunal d'arrondissement ka bei en aneren Tribunal d'arrondissement eriwuerwiesselen, awer just mat sengem Accord. An dat steet am Artikel 13 vun deem Gesetz iwwert d'Attachéen dran.

Mä mir hunn awer am Artikel 6 vun deem Gesetz e Cas de figure, wou e Friddensrichter, dat heescht e Juge vun der Justice de paix oder e Juge vun engem Tribunal d'arrondissement, wann deen eriwuerdelegéiert gëtt an e Friddensgericht, dat heescht entweder an en anert Friddensgericht oder an e Friddensgericht, dat et do net verlaangt ass, dass de Juge concerné säin Accord misst ginn. An dofir geet et an där Proposition de loi drëm, fir eigentlech den Artikel 6 op den Artikel 13 vun Gesetz vum Attaché de justice ze alignéieren.

Firwat? Wat war de But, wat war d'Intentioun vun dëser Proposition de loi? Ma do geet et schlicht ëm de Principe d'ina-movibilitéit vun de Richter. An do geet et notament och ëm dee Prinzip vun der Inamovibilitéit am Artikel 91 vun onser Verfassung, wou drasteet, dass: „«Les juges de paix, les juges des tribunaux d'arrondissement et les conseillers de la Cour sont inamovibles.» (...) - Le déplacement d'un de ces juges ne peut avoir lieu que par une nomination nouvelle et de son consentement.»

Mir wësse jo och, dass deen Text vum 7. Juni 2012 keng Limitatioun an der Zäit virgesäit, well et extrem schwéier ass, eng Limitatioun an der Zäit iwwerhaupt ze evaluéieren a Fäll, wou muss esou eng Delegatioun geschéien, dat heescht wou eng Persoun muss remplacéiert ginn, fir dass de ganze Justizsystem, Justizapparat weider ka fir de Bierger an d'Biergerin fonctionnéieren.

Den 22. Februar 2013 huet selbstverständlech - dat soen ech emol, selbstverständlech - de Groupement des Magistrats en Avis ofginn, deen en faveur war vun där Rektificatioun.

A kuerz virdrun, de 15. November 2012, hat de Procureur général d'État en Avis ofginn, deen e bësse méi nuancéiert war, well en engersäits sécher de Principe d'ina-movibilitéit net a Fro stellt, mä en huet sech Gedanke gemaach iwwert d'Définition juridique vun där Notioun. An en huet nach eng Kéier ënnerstrach, wat seng oberst Préoccupation war: dass de Justizapparat muss kënne fonctionnéieren an dass esou eng Delegatioun, wa se eben ouni deen Accord géif geschéien, jo och nëmmen e Caractère temporaire hätt. En huet insistéiert op dem Caractère temporaire. An en huet och gemengt, dass e sech eigentlech dofir net kéint virstellen, dass mer verfassungswidreg wären, dass dat kéint a Relatioun gesat gi mam Artikel 91 vun der Verfassung.

De Statsrot huet dann och elo viru Kuerzem säin Avis ofginn. An och erëm eng Kéier, de Statsrot ënnersträicht «l'importance du principe fondamental de l'ina-movibilité des juges», dass dat net kann a Fro gestallt ginn. En huet awer och a senger Interpretatioun gemengt, dass deen «n'est pas de nature à entrer en

conflit avec le principe constitutionnel précité.» Dat heescht, och de Statsrot mengt, dass mer hei net verfassungswidreg wären, vu den temporäre Charakter.

Trotzdem seet de Statsrot, dass zu där Modifikatioun, wéi se awer proposéiert ass an där Proposition de loi, dass e säin Accord kann zu där Modifikatioun ginn. Dat géif och eben déi zwee Artikele 6 an 13 effektiv alignéieren, wat och Sënn mécht an esou engem Gesetz. An de Statsrot seet och, vu d'Gesetz, wat mer elo just virdru gestëmmt hunn, gëtt de Statsrot och säin Accord zu där Proposition de loi. An domadder, mengen ech, hätte mer haut e Ganzt, wat eigentlech och e bësse zesummegehéiert an deem Attaché-de-justice-Gesetz, modifiéiert oder adaptéiert.

D'Justizkommissioun huet den Avis vum Statsrot natierlech och analyséiert, déi puer kleng Suggestiounen, déi éischter technescher Natur waren, och ugeholl. Awer d'Commission juridique huet d'Analyse quant au fond vun där Proposition de loi mam Statsrot och esou gesinn an dofir och mäi Rapport à l'unanimité ugeholl an eigentlech och d'Iddi vun där Proposition de loi à l'unanimité ugeholl.

An dofir mengen ech, dass mir hei kënne mat engem rouge Gewëssen hei an der Chamber als Deputéiert dës Proposition de loi stëmmen. An ech géif lech ganz gären och dozou invitéieren.

Ech soen lech Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madame Rapportrice. An ech hat e puer esou Zeeche kritt, well gemengt gi war, d'Riedezäit wär iwwerschratt. Hei war awer en lertum op der Auer. Selbstverständlech war d'Madame Rapportrice largement an der Zäit, well se beim Modèle de base zéng Minutten huet an net fënnf Minutten, wéi dat hei ugi war. Ech bieden dann ëm Versteesdemech. An direkt huet d'Wuert den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen am Numm vun der CSV-Fraktioun der Madame Loschetter Merci fir hire schréfftlechen an och mëndleche Bericht.

D'CSV wäert jo soen zu dëser Gesetzesproposition, well, wéi d'Madame Rapportrice et erkläert huet, wann e Richter vum Bezirksgericht Lëtzebuerg op Dikrech temporär delegéiert gëtt, da muss e säin Accord dofir ginn. Da schéngt et eis eigentlech och normal ze sinn, wann ee vun dem Bezirksgericht Lëtzebuerg op d'Friddensgericht op Esch oder op Dikrech geschéckt gëtt respektiv wann ee vum Friddensgericht vu Lëtzebuerg op Esch oder op Dikrech geschéckt gëtt, dass dann och an därselwechter Logik säin Accord sollt virleien.

Wann ee geschéckt gëtt, dann ass dat keng Delegatioun - ech mengen, dat sollt een och eng Kéier fir de Bierger soen -, déi de Justizminister géif aussprechen, mä et ass eng Delegatioun, déi vun dem ieweschte Magistrat, nämlech vum President vun der Cour supérieure de justice, ausgeschwat gëtt.

Mir stëmmen dëse Gesetzesprojet och, well en eigentlech - eng Proposition ass et villméi - zréckgeet op eng Motioun, déi 2012 vun der Chamber, mengen ech, mat 59 vu 60 Deputéierte sengerzäit gestëmmt gouf.

Madame Loschetter, Dir huet dat awer elo net perséinlech, mä mir si mat eppes net d'accord, dat ass... Vläicht ass och nach en lertum an dem Rapport, zumindest an där Versioun, déi ech hunn, wann Der do d'Considérations générales, de fënneften Alinea liest, do steet: «le libellé de l'article 6 de ladite loi se heurte», dat heescht, wéi e bis elo a Kraaft ass, «se heurte au principe d'ina-movibilité des juges qui interdit de donner au juge, sans son consentement, une nouvelle affectation, même en avancement.» Also dat deele mer net.

Och d'Gesetz vun 2012, dat ass net verfassungswidreg an dat verstéisst net géint den Artikel 91 vum Prinzip vun der Inamovibilitéit vun de Richter. Et deet mer leed, dass ech et net en Dënschdeg den Owend gesinn hat, soss hätte mer et kënne gëschter an der Justizkommissioun redresséieren. Mä ech mengen, Dir sidd mat mer d'accord, dass deen dote Considérant eigentlech net esou ganz an der Logik ass vun deem, wat mer haut stëmmen.

Firwat? Mä well de Procureur général schonns 2012 gesot huet, dass och déi Versioun, wéi mer se elo am Gesetz stoen hunn, net géint de Prinzip vun der Inamovibilitéit verstéisst. De Conseil d'État huet et och elo nach eng Kéier rappeléiert. An ech mengen, et war och d'unanime Meinung vun der Justizkommissioun - deemools an haut -, dass et kee Verstooss ass zu dem Prinzip vun der Inamovibilitéit. Well soss hätt deemools jo och de Conseil d'État lo-